N°2069
Entrée le 04.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 2069 vum 11. Mäerz 2025 vum éierbaren Deputéierte Sven Clement**

1. **Wéi vill Ufroen op Réckerstattung vun der Quellesteier am Kader vum sougenannte Schachtelprivileeg sinn an de leschte fënnef Joer zu Lëtzebuerg agereecht ginn, opgeschlësselt no Joer?**

Wéi schonn an Äntwerten op parlamentaresch Ufroe matgedeelt gouf, ass et net méiglech fir Cum-Ex Transaktioune vun aneren änleche Réckerstattungsverfaren am Kader vu Quellesteier ze ënnerscheeden.

Bei der Uwennung vum Schachtelprivileeg iwwerpréift d'Steierverwaltung d'Ufroe vun de Firmen op Réckerstattung vun der Quellesteier. Eng Réckerstattung kënnt dann a Fro wann all déi gesetzlech Konditiounen erfëllt sinn. Ass dëst net de Fall oder bei Zweifelen un der Echtheet vun den Donnéeën, gëtt eng Réckerstattung ofgeleent a beim Feststelle vu Verstéiss géint strofrechtlech Virschrëften, ginn dës Demanden un d'Justizautoritéite weidergeleet.

D'Steier- an d'Untersuchungsgeheimnis erlaabt et net fir ëffentlech Auskunft ze ginn iwwert verschidde Steierbedruchsfäll, déi un d'Justizautoritéite weidergeleet ginn.

An de leschte 5 Joren huet d'Steierverwaltung fir déi verschidde Steierjoren 2.210 Ufroen op Réckerstattung eragereecht kritt. Dës Ufroen si wéi follgend opgedeelt:

| Steierjoer | Unzuel vun Ufroen |
|---|---|
| 2020 | 303 |
| 2021 | 656 |
| 2022 | 599 |
| 2023 | 521 |
| 2024 | 131 |

2. **Wéi vill vun dësen Ufroe sinn ofgeleent ginn a wéi vill Fäll sinn un d'Justizautoritéite weidergeleet ginn, opgeschlësselt no Joer?**

3. **Wéi héich ass de Gesamtmontant vun den ofgeleente Réckerstattungen, opgeschlësselt no Joer?**

Vun dësen Ufroe goufen der 261 an engem Gesamtmontant vun 9.446.413,46€ ofgeleent.

| Steierjoer | Unzuel vun Ufroen | Montant |
|---|---|---|
| 2020 | 49 | 4.709.018,30 € |
| 2021 | 108 | 1.368.225,03 € |
| 2022 | 70 | 3.278.003,31 € |
| 2023 | 29 | 89.891,07 € |
| 2024 | 5 | 1.275,75€ |

7 Fäll goufen un d'Justizautoritéite weidergeleet.

4. **Wéi vill Personal ass bei der Steierverwaltung spezifesch agestallt, fir méiglech Cum-Ex-Transaktioune kontrolléieren?**

An de leschte Jore goufen d'Effektiver vun der Verwaltung systematesch ausgebaut. Dëse Recrutement wäert an den nächste Joren intensiv weidergefouert ginn, mat engem mëttelfristege Plang, fir 500 Leit (bzw. ca. 250 Leit netto méi) anzestellen. D'Personal gëtt gezielt op déi verschidde Problematike sensibiliséiert an entspriechend ausgebilt. Um Niveau vun de Büroen an dem Service révision goufen d'Effektiver ëm 20% respektiv 79% verstäerkt.

5. **Wat fir konkret Prozeduren a Mechanismen huet d'Steierverwaltung ageriicht, fir Cum-Ex-Geschäfter präventiv ze erkennen a systematesch ze kontrolléieren?**

Am Kader vun der interner Formatioun vun der Verwaltung ginn d'Agente gezielt geschoult, fir déi néideg Kontrollprozeduren beim Steierzueler duerchzeféieren. Dës Moossname sinn drop ausgeriicht, Verstéiss géint d'Steiergesetzer z'identifizéieren an un déi zoustänneg Justizautoritéite weiderzeleeden.

6. **Wéi gesäit d'Zesummenaarbecht mat auslänneschen Autoritéiten an dësem Beräich quantitativ aus? Wéi vill Informatiounsufroe vun auslänneschen Autoritéiten huet Lëtzebuerg pro Joer kritt a beäntwert?**

Virop ass ze präziséieren, datt et net einfach ass, dës Ufroen ze quantifizéieren, well d'auslännesch Autoritéiten an hire Fallbeschreiwungen net ëmmer explizit d'Stéchwuert "Cum-Ex" uginn. Allerdéngs konnt d'Lëtzebuerger Steierverwaltung dës Ufroen aus de leschte Joren identifizéieren, wou déi zoustänneg auslännesch Autoritéiten explizit op d'"Cum-Ex"-Transaktiounen higewisen hunn.

- 2018: 1 Ufro

- 2021: 1 Ufro

- 2022: 2 Ufroen

- 2024: 1 Ufro

Dës Ufroe goufen alleguerten, nodeems se no de Virschrëfte vum ofgeännerte Gesetz vum 25. November 2014 iwwer d'Prozedur fir den Austausch vun Informatioun op Ufro a Steierfroe behandelt goufen, vun der zoustänneger lëtzebuergescher Autoritéit beäntwert.

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2025

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth